



EN OUSCHTEREE OP MISSION



Wat s du brauchs

- Handy, Computer oder Tablet
- 1 Ouschteree pro Chatmember
- 1 Assistent deen dir hëlleft d'Ouschteree ze schéisserespektiv opzefänken (et geet och ouni Assistent; ass eventuell e bësse méi kniwweleg ;))
- 1 Videochatprogramm. Beim Skype gesäit een am Gruppenchat leider ëmmer nëmme 4 Fënstere mateneen. Wann dir zu méi sidd, kënnst dir z.B. "Zoom" benotzen.

Wat ass deng Missioun?

Mir schreiwen d'Joer 2020. D'ganz Welt gëtt beherrscht vum Corona-Virus a bleift doheem.

D'ganz Welt? Nee!

Sou kuerz virun Ouschteren hunn déi gemoolten Ouschtereeër decidéiert sech net ze erginn a gi vun Haus zu Haus fir dass dem Eeër-Ticken op Ouschtersonndeg näischt am Wee steet.



Deng Aufgab?

Treff dech mat mindestens 3 Frënn an engem Video-Chat.

So kuerz däin Numm an (ganz wichteg!) aus wéi engem Duerf/Stad/Land du grad bass a "schéiss" däin Ouschteree deem nächsten am Chat deen et "opfänkt" a sech virstellt. Dat geet dann esou weider bis jiddereen d'Ouschteree eng Kéier geschoss huet.

Op dës Manéier wandert d'Ouschteree vun Duerf zu Duerf. Film dat ganz respektiv huel den Chat op a schéck eis en. Weider Informatiounen dozou ënnen op dëser Säit.

Wanns du däi klenge Video z.b. op Instagram eroplueds, vergiess net eis ze taggen: @guidenascouten a benotz d'Hashtags #HomeScouting & #guidenascouten

P.S. Als CaraPio waars du bestëmmt schonn op internationale Campen an hues Guiden a Scouten aus aneren Ecker op dëser Welt kennegeléiert. Bann si roueg mat an a schéck däin Ouschteree op eng wäit Rees.



Lued eng Foto vun denger Aktioun op lgs.lu/scoutendoheem erop.

Déi bescht Fotoen aus all Branche gewannen ee flotte Kado.

